Sandweiler, den 31.10.2019

Gemengerotssitzung vum 31.10.2019, Punkt 8 um „Ordre du Jour":

« Avis du conseil communal relatif à la réorganisation du RGTR (ci-après, Régime Général des Transports Routiers) - Discussion et vote pour intervenir auprès du MDDI (Ministère du Développement durable et des Infrastructures) … ».

Stellungnahm vun der DP-Fraktioun Sandweiler : „Reorganisatioun vun de RGTR-Linnen"

Madame Buergermeeschter,
Dir Hären aus dem Schäfferot,

Zur Reorganisatioun vun de RGTR-Linnen begréisse mir **d'Form**, esou dass eng gewësse Logik an der Nummeréierung vun de Busse duerch d'ganz Land ass.

Zum Fong vun deem Ganzen fanne mir, dass déi ganz d'Reorganisatioun zimlech uewerflächlech ass.

Dofir wollte mir verschidde Problemer uschwätzen, déi am RGTR-Projet net kloer erauskommen.

Wichteg ass, dass d'**Bus-Couloiren** ausgebaut musse ginn, am anere Fall halen "d'Benotzer vum öffentlechen Transport" am selwechte Stau ewéi " de Privat-Verkéier" an dann ass de Plus vum "öffentlechen Transport" dohinn!

Dobäi kënnt och nach, dass d' **Busarrête** misste méi "attraktiv" (bei Reen, bei Keelt, ...) gemaach ginn an d'Sécherheet soll och op verschidde Plazen assuréiert ginn.

Eng aner Fro stell sech, ob d'Busarrêten och accessibel si fir Leit **"à mobilité réduite"** oder fir Persounen mat klenge Kanner mat oder ouni Poussetten!

Am Grousseganzen vermësse mir, dat Benotzerfrëndlecht un deem Projet vum MDDI (Ministère du Développement durable et des Infrastructures).

A propos **Destinatiounen** :

Engersäits, begréisse mir, déi Verbesserungsvirschléi am Projet fir d'Leit déi aus dem Grenzgebitt op Lëtzebuerg schaffe kommen, do si jo Express-Linnen virgesinn, déi un déi vierschidden **"Zones d'activités"** sollen ugeschloss ginn.

Anerersäits insistéiere mir och drop, dass d' **Konter/Sandweiler Gare** an **d'Cargolux** nach solle besser un den neie Bus-Reseau ugeschloss ginn.

Mir bedaueren, dass den **Noverkéier** an d'**Uewerstad** total ausfällt an, dass d'Leit hir Gewunnechten mussen änneren. Si wäerte sech an d'Zukunft beschwéieren de Bus ze huelen fir schnell nach eng Kommissioun an der Stad ze maachen.

D'Leit aus der Ëmgéigend vun der Stad wäerten och z.B. net méi op de Maart goen, wann si vun der "Rocade" oder vun der "Aler Mokerei" bis op de Knuedler an zréck mat hiren Akeef e puer Mol mussen ëmklammen.

En anert Beispill ass, wa Leit mat Poussetten ënnerwee sinn. Do stellt sech dat selwecht Problem.

Idem fir d'Leit **" à mobilité réduite "** !

Deen neie Bus-Reseau wäert ënner dësen Ëmstänn **d'Geschäftsstierwen** an der Uewerstad nach méi verschäerfen.

Bis elo sinn d'Leit vu Sandweiler aus, an 10 Minutten am Zentrum vun der Stad (bei der Kathedral) gewiescht, wa kee Stau war !

An d'Zukunft wäerten déi Sandweiler net méi esou séier, wéi bis elo, eng Kommissioun an d'Stad maache kënnen.

Den neie RGTR-Plang muss nach vun de Benotzer (aktuell an zoukënfteger) ugeholl ginn.

Firwat net d'Destinatiounen un d'Benotzer upassen amplaz, dass d'Benotzer sech un d'Destinatioune mussen upassen ?

Wat maachen d'Bussbenotzer bei der „Aler Mokerei" oder op der „Rocade" ?

Mussen d'Leit aus Richtung Sandweiler wierklech fir déi lescht 5 Kilometer bis an den Zentrum vun der Stad ëmklammen amplaz op kierztem an **direkte Wee** an den Zentrum ouni ëmzeklamme gefouert ze ginn ?

Mir kréien d' "Virdeeler "vum **Tram** an dem neie Transport-Reseau zimlech subjektiv erkläert.

Ze Bemierken ass, dass den Tram vläicht en Transportmëttel ass fir déi verschidde Quartieren an der Stad mateneen ze verbannen, mä dass hien awer **keng Plus-value** fir d'Uertschaften ronderem d'Stad bréngt.

Au contraire den Tram bréngt nëmmen Nodeeler fir d'Ëmgéigend.

Ausser natierlech wann den Tram och d'Emgéigend vun der Stad géif "desservéieren"!

Mir insistéieren drop, dass eis Stellungnahm, „partie intégrante" vum Punkt 8 vum „Ordre du Jour" vun dëser Gemengerotssitzung ass.

Malou Gudendorf-Rollinger
Conseillère

Claude Mousel
Conseiller